piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnengsbau weiderzeleeden.**

An engem rezenten Artikel gouf drop higewisen, datt zu Harel an der Stauséigemeng e Bauprojet op engem Terrain vun der SNHBM zanter ronn 20 Joer blockéiert war. De Grond fir dëse laange Stëllstand war ënner anerem d'Aschätzung, datt d'Haiser oder Wunnenge wéinst dem Bail emphytéotique vun 99 Joer schwéier ze verkafe wieren, well d'Terrainspräisser an deem Deel vum Land um private Marché vergläichsweis niddreg sinn an d'Keefer do léiwer voll Proprietaire sinn. D'Konsequenz war, datt en Terrain vu knapp véier Hektar, obwuel d'Infrastrukture schonn zanter Jore fäerdeg waren, brooch leie gelooss gouf.

Dëse Fall wërft d'Fro op, ob de Modell vum "Bail emphytéotique", deen d'Regierung als Kader fir ëffentlech Promoteure setzt, an alle Regioune vum Land gläichermoossen effizient ass, oder ob et zu weidere Blockade komme kann. Fir d'Wunnengsnout effektiv ze bekämpfen, ass et wichteg ze wëssen, ob nach aner Terrainen am Besëtz vun der ëffentlecher Hand (SNHBM oder Fonds du Logement) aus änleche Grënn net bebaut ginn. Den Direkter vun der SNHBM huet zwar betount, datt d'Emphytéose en général de richtege Wee ass, mee vläicht net op all Plaz gëeegent ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Gëtt et aktuell weider Terrainen am Besëtz vun der SNHBM oder dem Fonds du Logement, déi zanter méi wéi 5 Joer op eng Bebauung waarden? Wa jo, wou leien dës Terrainen, ëm wéi eng Fläch handelt et sech a wat sinn déi konkret Ursaache fir de Retard an der Entwécklung?
2. Ginn et aner spezifesch Fäll, an deenen, änlech wéi zu Harel, de "Bail emphytéotique" als Hindernis fir d'Vermaartung identifizéiert gouf, well d'Differenz zu den Terrainspräisser um lokale private

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Marché ze kleng ass?

3. Plangt de Ministère, de Modell vum Réckkaf vun Deeler vum Terrain duerch d'Gemeng, wéi et elo zu Harel ëmgesat gouf, och op anere Plazen unzewenden, fir blockéiert Projeten ze deblockéieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés